

ASBL Passerell muss e Groussdeel vun hiren Aktivitéiten opginn – RTL – 20 06 2022

D'ASBL Passerell, déi sech ëm d'Berodung vu Refugiéeeën a Saache Rechtsfroe këmmert, wäert am August mussen hir véier fix Salariéen entloossen.

D'ASBL Passerell, déi sech ëm d'Berodung vu Refugiéeeën a Saache Rechtsfroe këmmert, wäert mussen hir véier fix Salariéen entloossen, well déi finanziell Mëttel feelen. D'Ambre Schultz, déi sech ëm d'Projete vun der Associatioun këmmert, erkläert: *Fir eis ass et Enn August eriwwer, wa mer bis dohinner keng Léisung fannen. Mä mir wäerte bis zum Schluss kämpfen. Mir maache lénks a riets Demandë fir e Finanzement. Dat op nationalem Niveau, ma mir hunn och un Appels a projets op europäeschem Niveau deelgeholl. Mä dat si Prozesser, déi vill Zäit an Ussproch huelen.*

Zanter der Grënnung vun der Passerell zu Lëtzebuerg 2016 wier de Service permanent gewuess. Sou ginn antëscht Formatiounen an deem Beräich ugebueden, an ëmmer méi komplexen Dossierer an Droits-Froe ginn traitéiert an et gouf e Buch mam Titel "Rehumanisez-moi" publizéiert. D'Covid-Kris hätt awer zu ferme finanziellen Abousse gefouert. Zwar géing een ëmmer nees Subside vun diverse Ministère kréien, déi wieren awer am Verglach zu der Aktivitéit vun der Associatioun minim.

Vun Enn August um wäert dann viraussichtlech net méi all Refugié mat senge Froe bei der Passerell Hëllef fannen. Den Ament gi 5 bis 10 Refugiéë pro Dag vun der Associatioun beroden.